

# R22 C.V.

Richtung22 (R22) ass en engagéiert **Konschtkollektiv**. Mat eise Projeten versiche mir, kreativ Kritik unzebréngen an wichteg Diskussiounen ze lancéieren. Mir wëlle polariséiere fir Problemer siichtbar ze maachen an d'Konscht aus hirem elitäre Kader rappen.

Zanter 2010 produzéiere mir satiresch Projeten wéi zum Beispill de **Film** *"Ons Educatioun"* iwwert de lëtzebuerger Schoulsystem oder d'**Theaterstéck** *"Lëtzebuerg, du hannerhältegt Stéck Schäiss"*, an deem mir den Nation Branding analyséiert hunn. Zanter 2014 schaffe mir wesentlech méi pluridisziplinär a versichen d'Konscht an den ëffentlechen Raum ze droen. Mir stellen **Monumenter** op, wéi dat vum Direkter vun der CSSF, deen an e Finanzskandal verwéckelt wor. Mir organiséieren **Ausstellungen**, wéi d'Ouverture vun der *"Nationalgalerie"* mat der mir d'Kulturpolitik kommentéiert hunn, oder och d'Ausstellung *"Memoire coloniale luxembourgeoise"*, fir déi mir Stroosseschëlder mat den Nimm vu Kolonialverbriecher ofmontéiert hunn. Mat eisem bis elo gréissten **multidisziplinäre Projet**, *"Héichkultur amplaz Héichuewen"*, hu mir am Kader vun der Kulturhaaptstad Esch2022 de Wandel an d'Gentrifikatioun vum Minett dokumentéiert. Aktuell presentéiere mir mat enger Serie u Konschtprojeten eis **Recherche** iwwer de Medienkonzern CLT-UFA/RTL.

Nieft der Konschtproduktioun steet Richtung22 fir d'**Vernetzung** an d'Stäerken vu jonke Konschtschafenden. Richtung22 gouf 2010 an d'Liewe mam Zil geruff Studéierender an de Semestervakanzen iwwer Projeten zu Lëtzebuerg ze vernetzen an domat hei eng Alternativ opzebauen: Mir sinn Fräiraum, Safe Space an Zukunftslaboratoire. Mir bréngen eis a kulturpolitesch Diskussiounen an maachen Lobbyaarbecht fir Jonker an d'lokal Kreatioun, op der Foire de l'étudiant.e informéiere mir iwwer d'Konschtberuffer. Schüler*innen ab 18 Joer, Studéierender a jonk Beruffsufänger*innen schaffen bei eis am Grupp an autonomen Aarbechtsgruppen, hierarchiefräi a **basisdemokratesch** organiséiert. De Grupp steet all Persoun op, déi mat eis zesummen mat kënschtleresche Mëttel fir eng méi gerecht Welt kämpfe wëll.

Op deenen nächste Säiten ass eng Auswiel vun deene gréisste Projeten ze fannen.

# 2024 (Januar-Mee)




*Theaterstéck "Ween stoppt RTL?"*

**Projeten 2024.1 (Auswahl)**

– Internetsite "**RTL1.lu**" iwwer 3 Méint deeglech nei Artikelen, Webradio a Videoclips.

– Videospill "**Hei Elei, Knips Elei**".

– Theaterstéck "**Ween stoppt RTL?**" am Kasemattentheater. 6 Virstellungen a Verfilmung.

– Kampagne 8. Mäerz "**Times have changed**" an Publikatioun vun Zine Nr. 5, Performance House of Saint Trinity.

– Film "**Stëmm vu Lëtzebuerg**" (Kuerzfilm ca. 56 min), Avant-Première mat Show an der Abtei Neimënster, Kinosdistributioun.

– Satiresäiten "**Hannerland**" all Mount dräi Säiten an der Zeitung "Land", Artikel, Gedichter, Illustratiounen.

– Buchprojet "**Luxemburg war nie eine Kolonialmacht - eine kritische Einführung**", Buchpräsentatioun 28.05., geférdert vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte.

– Bedeelegung un Ausstellung "**Out of Order**" zu Chemnitz.



*Performance um 8. Mäerz*




*RTL-Show op der Avant-Première vu "Stëmm vu Lëtzebuerg".*


**Pressefeedback (Auswahl)**

"Die Macher von RTL Eent haben sich bislang nicht öffentlich zu erkennen gegeben; die Seite, die täglich aktualisiert wird, trägt aber unverkennbar die Handschrift des Kunstkollektivs Richtung22."

*Land, 05.01.2024*

"Der Kampf gegen RTL geht in die nächste Runde: Das Kunstkollektiv Richtung22 präsentiert am Freitag den Film „Stëmm vu Lëtzebuerg" und geht erneut hart mit dem Medienunternehmen ins Gericht. Die zuständigen Autoritäten schweigen."

*Tageblatt, 11.04.2024*




*De Website vun RTL Eent*




*Januar-Ausgab vum "Hannerland"*

# 2023



*Dréiaarbechten un "Stëmm vu Lëtzebuerg"*

**Projeten 2023 (Auswahl)**

– Foire fir Schüler*innen mat Interessi un engem Konschtstudium: "**display.ed**" am Casino Luxembourg.

– Konschtblock op der Demo vum 8. Mäerz "**We are done being quiet**", Zine Nr. 4 zum Thema Egalitéit an der Muséksindustrie.

– Muséksalbum "**Shut Up And Listen**".

– Filmscreenings vun **"Esch a Flamen"** zu Paräis.

– Performance "**Mis(s) Representation**" am Kader vun der Pride 2023 an der KuFa.

– Richtung22 **Summercamp 2023**: Véier Deeg Workshops a Projetsvirbereedung.

– Filmdréi "**Stëmm vu Lëtzebuerg**", eelef Dréideeg

– Produktioun Serie RTL Clips, e.a. **"Pascha am Pascha"**.

– Stand op der **Foire de l'étudiant.e** um Belval, eenzege Vertrieder vum Konschtsecteur.

– Start vun der Serie "**Hannerland**", Satiresäiten an der Wochenzeitung "Land".

– Workshops am **Bâtiment 4**.

**Pressefeedback (Auswahl)**

"Voilà, en définitive, le rôle de Richtung 22 : faire entrer les sujets traités dans le débat public, avec l'espoir de rendre le pays plus juste."

*Quotidien 06.02.2023*

"Wie ein Außerirdischer ist Eric Thill in das Kulturministerium hineingeflogen, [...] als „Quotenminister", wie ihn das Künstlerkollektiv Richtung22 sofort bezeichnet hat. "

*Luxemburger Wort, 20.11.2023*



*"Mis(s) Representation" an der KuFa*




*R22 Stand op der Foire de l'étudiant.e 2023*

*Protester am Bâtiment 4*



# 2022 (August-Dezember)



*Theaterstéck "Barbara contre Esch City Plus".*

**Projeten 2022.2 (Auswahl)**

– Workshopserie um **"Festival Čekání proměny"** zu Prag.

– Vlog "**Furiosa**", YT-Channel.

– Theaterstéck "**Barbara contre Esch City Plus**" um Plancher des Coulées / Belval. 3 Virstellungen a Verfilmung.

– Film "**Esch a Flamen**" (Kuerzfilm ca. 20min), Avantpremiere zu Esch.

– Clip-Serie **"Nei Reegelen fir Esch City Plus"**.

– Happening **"Ouverture Prison Suessem"**.

– Musékalbum **"Merry Crisis",** 8 Lidder, Kooperatioun mat Rubin Kind, Nikita, Barthleby Delicate, EDSUN.

– Musékvideoen **"Advent"**, 4 Muséksvideoen.

– Stand op der Foire de l'étudiant-e 2022 "**Gehei däi Liewen an d'Poubelle - Studéier Konscht**".

– Theaterstéck **"Grève générale contre le Luxembourg"** zu Audun-le-Tiche, 3 Virstellungen a Verfilmung.

– Ofschlossevent **"Endlech riwwer",** Optrëtt, Installatiounen, Concerten.

– Partizipatioun un Table Ronden: Freie Szene Saar, Zentrum fir politesch Bildung, ASTM, MNHA, ILL.

– Aarbecht am Kollektiv vum **Bâtiment 4**, Tiers-Lieu. Finanzen, Organisatioun Plenum.

**Pressefeedback (Auswahl)**

"Si c'est parfois un peu gros [...], force est de constater que la scénographie, qui s'adapte parfaitement au lieu [...], le ton grinçant, tantôt drôle, souvent sombre, qui reflète une colère et une inquiétude bien réelles, en font [Barbara contre Esch City Plus] un spectacle bien plus abouti que les précédents efforts du collectif."

*Tageblatt, 06.09.2022*

"Une pièce pour le moins énergique et futuriste interprétée par des artistes engagés qui ont plusieurs actions à leur actif. Cette grève contre le Luxembourg est la dernière page à ce jour du grand livre de la révolte qui est à découvrir sur le site richtung22.org"

*Républicain Lorrain, 22.12.2022*




*Happening "Ouverture Prison Suessem".*

# 2022 (Januar-Juli)



*Open Air Theaterstéck "Esch ass dout".*

**<u>Projeten 2022.1 (Auswahl)</u>**

– Film "**GossTown**" (Kuerzfilm ca. 45min), Filmpremière zu Déifferdéng, Quartiersscreenings Open Air zu Esch.

– Clip "**Wéi Esch Kulturhaaptstad ginn ass**".

– Wöchentlech "**Oppenen Treffen**" a **Workshopserie** am Bâtiment 4.

– Happening "**Mir bréngen d'Kultur op Esch**", 7 Stonnen Stream, Parad, Stroossentheater.

– Kampagne "**Feminismus oder d'Welt geet ënner**" an Publikatioun vun Zine Nr. 3.

– Theaterstéck "**Esch ass dout!**" um Socle C / Belval, 5 Virstellungen, Verfilmung.

– Muséksvideo "**Money, Moula, GossTown**"

– Clip-Serie "**Den Agora baut**", Installatioun.

– Zeitung "**La Lingua Rossa della Minett**", Toutes-Boîtes zu Esch, iwwer 12.000 ausgedeelten Exemplarer.

– Happening "**Keng Plaz fir eis**", Besetzung vun der Brillplaz, 22-Stonnen Ried fir Radio Art Zone, Monument.



*Filmdréi "Gosstown".*


**<u>Pressefeedback (Auswahl)</u>**

"[Richtung22] ist zum Kulturhauptstadtjahr [...] angetreten, um Kunst und Kultur vom Norden in den Süden Luxemburgs zu transportieren. Und das ist durchaus wörtlich zu nehmen"

*Saarländischer Rundfunk 24.02.2022*

"Dem setzt Richtung 22 konfrontative Aktionskunst entgegen, die durch Abflachung von Hierarchien mittels Humors und der Verlagerung von Aktionen in den öffentlichen Raum sowohl die Ortsansässigen als auch die Region selbst zu einem integrativen Teil ihrer künstlerischen Praxis macht."

*Theater der Zeit, Heft 06/2022*



*Happening "Keng Plaz fir eis".*

# 2021




*Ausstellung "Mémoire coloniale luxembourgeoise"*

**Projeten 2021 (Auswahl)**

– Filmrelease "**Heng Over**" (2019; 92min.) am Ciné Sura an als Stream.

– Kampagne "**Kënschtlerinne vereenegt iech!**" Zesummenaarbecht mat der JIF, Zine Nr. 2.

– Installatioun "**Excusen zu Bouneweg**".

– Kampagne "**Decolonize Luxembourg**" zesummen mat LëtzRiseUp.

– **Tour Guidée** duerch d'Lëtzebuerger Kolonialgeschicht (Stad). Zousäzlech Publikatioun vun enger Audio-App op dräi Sproochen.

– Richtung22 **Summercamp 2021**: Zwee Deeg Workshops a Projetsvirbereedung am B4.

– Theaterstéck "**Gérard Cravatte**" am Théâtre du Centaure. Reprise op franséisch zu Audun-le-tiche.

– Happening an Ausstellung "**Mémoire coloniale luxembourgeoise**" am Casino Luxembourg.

– Start vum Projet "**Héichkultur amplaz Héichuewen**" fir d'Kulturhaaptstad Esch2022.

– Bedeelegung um Tiers Lieu **Bâtiment 4**.

**Pressefeedback (Auswahl)**

"Au travers de ces visites guidées, c'est une véritable campagne qu'ont décidée de mener Lëtz Rise Up et Richtung 22."

*Quotidien 18.06.2021*

"...subversive Nadelstiche ins amnestische Bewusstsein"

*Monopol Magazin, 15.11.2021*



*Installatioun: "Excusen zu Bouneweg"*




*Team vum Theaterstéck "Gérard Cravatte"*

*Kënschtler*inne Block, 8. Mäerz*



# 2020



*Kampagne "Fraen an d'Konschtgeschicht"*

**Projeten 2020 (Auswahl)**

– Kampagne "**Fraen an d'Konschtgeschicht**": D'Fuerderung fir am Programm op Première an der Konschtgeschicht 50% Fraen* ze behandelen. Eis 60-säiteg Brochure setzt sech mat Froen zur Repräsentatioun ausernaaner, ëmfaasst Theorie a Biografien an enthält och eng konkret Lëscht mat Géigevirschléi.


– 5 Radioshörspiller, ë.a. Podcast "**Quarantän fir d'Demokratie**": 1.200 mol gelauschtert Hörspill, gesend och um Radio ARA.

– Kuerzfilm "**De Giele Geescht**": Stopmotionfilm an Hiphop-Produktioun zur Parteiegeschicht vum ADR.

– Stand op der Foire de l'étudiant-e 2020 "**Du bass um falsche Wee**": Onlineoptrëtt mat Video iwwer Studiegänk a Liewensweeër vu jonke Konschtschafenden.

– Monument "**Kolonialpionéier hanner Gitter**": Verhüllung vum Monument vum Nicolas Cito zu Käerjeng.

– Monument "**Sécherheetsofstand zu de Grondrechter**": Warnung viru Muechtmëssbrauch duerch Policeunitéiten, Bouneweg.



*Stopmotionproduktioun "De Giele Geescht"*

**Pressefeedback (Auswahl)**

"...sind die Mitglieder von Richtung22 die einzigen hiesigen Künstler, die sich mit der momentanen Situation kritisch auseinandersetzen und die Freiheitseinschränkungen beäugen."

*Tageblatt 14.04.2020*

"Artists demand Luxembourg reckons with past"

*LuxTimes, 15.06.2020*



*Monument: "Kolonialpionéier hanner Gitter"*

# 2019




*Muséksvideo "Féck de Parquet - Mir si fir Laminat"*

**<u>Projeten 2019 (Auswahl)</u>**

– Film "**Heng Over**": D'Zukunft vun der Monarchie a vum Land. Première vum Film: 12.2020

– Theaterstéck, Monument a Kampagne "**Expo 2020 Dubai**": Mir hunn eis déi wirtschaftlech Interessen tëscht Lëtzebuerg an den VAE ugekuckt a fuerderen mat Verweis op d'Mënscherechtslag ee Boykott vun der Weltausstellung.

– Projet "**Héichkultur amplaz Héichuewen**": Bewerbung fir d'Kulturhaaptstad Esch2022.

– Muséksvideo **"Féck de Parquet - Mir si fir Laminat"**

– Gedenktafel **11.04.2018**: Aktioun fir d'Opkläerung vun enger déidlecher Policekontroll.

– Monument "**Waarm Loft - schlechte Klima**": Opgestallt zu Waasserbëlleg.

– 7 Radioshörspiller, ë.a. Podcast "**Fredenezer Skreup**": Eng Neioplag vun engem Wantermärchen, gesend och um Radio ARA.


– Richtung22 **Summercamp 2019**: Dräi Deeg Workshops a Projetsvirbereedung.

– Stand op der Foire de l'étudiant-e 2019 "**Entscheed dech falsch - Studéier Konscht**".



*Filmproduktioun "Heng Over"*






*Theaterstéck Expo2020Dubai*

**<u>Pressefeedback (Auswahl)</u>**

"Zwischen Klamauk und Politikerschelte, wie man sie auch auf den Kleinkunstbühnen des Landes dargeboten bekommt, mengen sich derweil regelmäßig dokumentarische Passagen, in denen Richtung22 dem Publikum seine Recherchearbeit präsentiert."

*Land 27.09.2019*

"Ufanks war net kloer, wien genee hannert der Aktioun stécht, obwuel et als quasi sécher gegollt huet, dass et sech wuel dierft ëm Richtung 22 dréien."

*RTL.lu, 10.09.2019*

# 2018




*Facade vun der "NAGA" zu Bouneweg*

**Projeten 2018 (Auswahl)**

– Ausstellung, Vernissage, Visites guidées, Brochure, Musées-Shop an Musées-Bistro mat Live-Musék "**Nationalgalerie (NAGA)**": Interaktiv Expo mat Nationalkonscht iwwer dräi Etagen am Gebai vun HARIKO.

– Theaterstéck "**Ouverture vun der NAGA**": 5 Opféierungen an Live-Stream: Den Kulturminister sicht no engem Numm fir d'NAGA.

– 9 Radioshörspiller, ë.a. Joeresréckbléck "**Dat näechst Joer gëtt och net besser**": live am Ciné Sura opgefouert an um Radio ARA gesend.

– Stand op der Foire de l'étudiant-e 2018 "**Enttäusch deng Elteren**".

– Monument "**De Lëtzebuerger Marx**": Aktioun zur Verwécklung vum Chef vun der Bankenopsiicht CSSF an d'Panama-Papers.

– Videomontage "**Den Tour laanscht de Rousegäertchen**": 30.000 mol gekuckt.

– Kampagne "**Den Dossier X**": Videoen, Recherche an Texter zu engem Verbriechen zu Bouneweg.

**Pressefeedback (Auswahl)**

"Richtung 22 huet nees zougeschloen, an deelt an hirer „Nationalgalerie" uerdentlech géint d'Kulturpolitik hei am Land aus. E gelongenen Ofschloss fir den Hariko"

*WOXX 27.09.218*

"Die Statue hatte Richtung 22 in der Nacht zum Samstag aufgestellt. Bereits am Samstagnachmittag wurde sie von der Polizei entfernt."

*Tageblatt, 07.05.2018*



*Ausstellung vun nationaler Konscht an der "NAGA"*




*Stand vu Richtung22 op der Foire de l'étudiant-e*



*Marx-Statue vor der Chambre de Commerce*




*Theaterproduktioun "Voll mat dobäi" am Théâtre du Centaure*

**Projeten 2017 (Auswahl)**

– Film "**Youthless**" (75min.): E Film iwwer d'Jujent vun haut. Mat iwwer 50 um Projet bedeelegten jonke Konschtschafenden.

– Theaterstéck "**Voll mat dobäi**": Iwwer d'Gemengewahlen an tatsächlech politesch Prioritéiten.

– Kampagne a Geriichtsprozess "**De Kräidprozess**"

– 4 Radioshörspiller gesend och um Radio ARA.

– Richtung22 **Summercamp 2017**: Dräi Deeg Workshops a Projetsvirbereedung.

– Stand op der Foire de l'étudiant-e 2017 "**Verschäiss dir deng Zukunft - Studéier Konscht**".

– Monument "**Triumphale Bou**", Kierchbierg.



*Filmdréi "Youthless" am Summer 2017*

**Pressefeedback (Auswahl)**

"Quant aux dommages subis par certaines dalles, ils auraient été causés par les pompiers appelés en renfort pour effacer les inscriptions."

*Le Quotidien 24.01.2017*

"Das Stück zeigt, dass es gerade in diesen Tagen eines Künstlerkollektivs wie Richtung 22 bedarf, das den lärmenden lokalpolitischen Gecken den Spiegel vorhält."

*Land, 06.10.2017*







*(1) Kräidprozess (2) Triumphale Bou um Kierchbierg*

# 2016



*Zeen aus dem Space-Mining Theaterstéck*

**<u>Projeten 2016 (Auswahl)</u>**

– Kampagne "**Konscht als Staatszil an d'Verfassung**": Fir d'Recht op den Accès op Konscht, souwéi d'Fërderung an de Schutz vu Konscht a Kultur an der Verfassung ze verankeren.

– Pressekonferenz, Avis a Kampagne Kulturassisen "**Parasitär, kontraproduktiv a festgebak: Lëtzebuerger Kulturpolitik am Joer 2016**"

– Éischte Stand vu Richtung22 op der Foire de l'étudiant-e 2016 "**D'Boot ass voll**": Informatiounen a Kontakter fir Schüler*innen.

– Start vun der Zesummenaarbecht mam Radio ARA: Produktioun vun Hörspiller.

– Happening "**Keng Bühn fir de Sarrazin**": Sich no engem Virus am Trifolion.

– Theaterstéck "**Luxembourg's Private Space Explorevolutionary Superfancy Asteroid Tailoring**": Iwwert dem Etienne Schneider säin Space Mining.

– Konschtaktioun: "**Lëtzebuerg kritt ee Maskottchen**": Ennerwanderung vun Nation Branding Eventer.

– Kampagne "**Turn this Pin-Up Site down**" géint déi sexistesch Pin-Up Rubrik op RTL.lu

**<u>Pressefeedback (Auswahl)</u>**

"Over the past few years, the group has staged a series of performances lampooning their country's mercenary modus operandi. Instead of writing their own scripts from scratch, the collective makes dramatic collages almost entirely out of primary documents: laws, press releases, speeches, transcripts from parliament, promotional videos and so on."

*The Guardian 15.09.2017*

"Richtung22 gelten ohne Zweifel als eines der interessantesten Künstlerkollektive Luxemburgs der vergangenen Jahre. Mit erfrischend frechem und subversivem Stil in Theater und Film mischte die junge Schauspieltruppe die Öffentlichkeit auf und scheute sich nicht, scheinbar unangenehme Wahrheiten anzusprechen. Das brachte sie in die Medien, in die Chamber - und auch vor Gericht."

*Luxemburger Wort, 21.09.2016*





*De Këschti, dat neit Maskottchen vu Lëtzebuerg*




*Nationbranding, Bettel-Show - hei gëtt Konscht mëssbraucht*

# 2015




*Monument "Méi Demokratie bidden"*

**Projeten 2015 (Auswahl)**

– Film "**Onbemannt Missioun**" (75 min.): D'Gallabu 4 ass op enger Missioun fir de Planéit2 auszebeuten an a Besëtz ze huelen.

– Monument "**Méi Demokratie Bidden**": De Grand Duc setzt aus Protest seng Bidden virun d'Dier.

– Theaterstéck "**Lëtzebuerg, du hannerhältegt Stéck Schäiss**": Den Nation Branding gëtt ënner d'Lupp geholl.

– Kampagne, Videoclips "**Villverspriechend Volléksvirbereedung**": Mir bereeden d'Bevëlkerung op déi kommend demokratesch Erausfuerderungen vir.



*Film "Onbemannt Missioun"*



*Filmdréi "Onbemannt Missioun"*

**Pressefeedback (Auswahl)**

"A local arts collective has a different view. Richtung22, known for poking fun at national treasures, staged a satirical communication campaign and theater piece about Luxembourg, portraying it as a regressive half-democracy with an industry based on the motto, "It's not illegal if you do it in Luxembourg."

*New York Times 23.11.2015*

"Der Film wurde 2015 in knapp 2 Wochen in einem über die Sommermonate leerstehenden Konzertsaal produziert. Die Kulissen wurden für knapp 100 € gebaut. Ein großer Teil des Budgets von insgesamt 3.000 € wurde für Verpflegung und Miete des technischen Materials ausgegeben."

*Wir Frauen, 08.2016*




*Affiche Theaterstéck "LdhSS"*

# 2010-2014



*Dréiaarbechten zu "Onst Gewëssen"*

**Projeten 2010-2014 (Auswahl)**

– 5 Filmer: "**Staatsgeheimnis**" (2014, 90 min.), "**Sitcom de Film**" (2013, 70 min.), "**Onst Gewëssen**" (2012, 67 min.), "**Ons Educatioun**" (2011, 53 min.), "**Ons Identéit**" (2010, 50 min.).

– 5 Theaterstécker: "**Freeport: Culture's safe**" (2014), "**Kulturpräis 2013**", "**Ode an die Freude**" (2012), "**Jugend ohne Job**" (2011), "**Bau der Heimat**" (2010): Opféierungen am Théatre du Centaure oder Théâtre national.

– Kampagne "**Kandidat 61**": Ech panachéieren beim kandidéieren.

– Happening "**Mir klibberen fir d'CSV**"

**Pressefeedback (Auswahl)**

"In the blue corner is the Government of Luxembourg, its Grand Duke Henri, the Swiss businessman Yves Bouvier, and a legion of his ultra-high net worth clients.
In the red corner is Richtung22, a small arts collective, whose youthful and idealistic members have put themselves in the vanguard of an emerging front in the battle against tax avoidance."

*The Independent 19.09.2014*

"Sans crier au chef d'oeuvre, il convient néamoins de saluer le courage et la détermination de cette bande de jeunes pour remettre certaines pendules à l'heure"

*Ciné critique / Tageblatt, 01.2012*





*Theaterstéck "Kulturpräis 2013, Filmdréi "Ons Educatioun"*





*Filmpremière "Sitcom de Film", Theaterstéck "Bau der Heimat"*